



Gemeinsam Äntwert vum Justizminister an Aarbechtsminister op d'parlamentaresch Fro

n° 7040 vum 20. Oktober 2022 vum honorabelen Deputéierten Marc GOERGEN

1. Den aktuellen System vu Kollekt vu Statistiken erlaabt et net eng Recherche ze maachen just mam Wuert Videoiwerwaachung.

Dofir ginn et keng fiabel Donnëen iwwer Zuelen vun Urteeler zur Videoiwerwaachung op der Aarbechtsplaz. Et kann een awer op 3 rezent Decisiounen vum Tribunal du travail verweisen:

18 décembre 2017, E-TRAV-261/16;

5 novembre 2019, rép. n°2569/19, E-TRAV-28/18 ;

4 mai 2021, rép. n°942/2021, E-TRAV-30/19.

2. D'Bestëmmunge vum Arbechtsgesetzbuch gesinn vir datt den Traitement vu perséinlechen Donnéeën fir d'Iwwerwaachung vun de Mataarbechter am Kader vun den Beschäftigungsbeziungen vum Employeur nëmmen an déene Fäll, déi duerch d'Bestëmmunge vun der Dateschutzregelung ofgedeckt sinn, meiglech sin.

D'Dateschutzregelung gesait fir dass de Traitement nëmme legal ass wann op d'mannst eng vun de folgende Konditioune erfëllt ass:

- a) déi betreffen Persoun huet dem Traitement vu senge perséinlechen Donnéeën fir eng oder méi Finalitéiten zougestëmmt;
- b) den Traitement ass néideg fir d'Exekutioun vun engem Kontrakt déen déi concernéiert Persoun betrifft;
- c) den Traitement ass néideg fir eng gesetzlech Verpflichtung ze respektéieren déi den Responsablen vum Traitement muss unwenden;
- d) den Traitement ass néideg fir d'vital Interesse vun der betroffener Persoun ze schützen;
- e) den Traitement ass néideg fir den öffentliche Interessi oder d'Ausübung vun der öffentliche Autoritéit déi den Responsablen vum Traitement muss respektéieren;
- f) den Traitement ass néideg fir d'legitime Interesse, déi vum Responsablen vum Traitement, verfollegt ginn, ausser d'Interesse oder d'fundamental Fräiheete a Rechter vun der betroffener Persoun verlangen dass déi perséinlech Daten mussen geschützt gin, besonnesch wann déi betreffen Persoun e Kand ass.

Zousätzlech zu der betroffener Persoun, muss den Employeur d'Personaldelegatioun, oder wann et där keng get, d'Arbechtsinspektioun iwwer den Traitement vu perséinlechen Donnéeën fir d'Iwwerwaachung vun de Mataarbechter am Kader vun den Beschäftigungsbeziungen informéieren.

Dës Informatiounen enthalen eng detailléiert Beschreiwung vun der Finalitéit vum Traitement, souwéi d'Prozedure fir d'Ëmsetzung vum Iwwerwaachungssystem an d'Dauer oder d'Critèrë fir d'Conservatioun



vun den Donnéeën, souwéi e formelle Engagement vum Employeur fir d'Daten nëmmen fir déi bestëmmte Finalitéit ze benotzen.

D'Personaldelegatioun, oder déi betraffe Mataarbechter, kënnen, innerhalb vu fofzég Deeg no der Informatioun, d'national Dateschutzkommissioun froen op den Traitement vu perséinlechen Donnéeën fir d'Iwwerwaachung vun de Mataarbechter am Kader vun den Beschäftigungsbezéiungen legal as.

Déi betraffe Mataarbechter hunn och d'Recht eng Plainte bei der nationaler Dateschutzkommissioun ze maachen. Esou eng Plainte ass weder e seriöse Grond oder e legitime Grond fir kennen entlooss ze gin.

Lëtzebuerg, den 21. November 2022.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson